

Carte blanche RTL radio 6 mai 2019 – L'évolution du secteur financier et la microfinance

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

Version luxembourgeoise

Am Laf vun de läschten 10 Joer huet déi Europäesch Unioun am ganzen eng 1.460 Milliarden Euro u Kapitalhëllef fir de Finanzsecteur erlaabt. Duerfir huet elo kierzlech d'Kommissioun en Audit an Opdrag gi fir ze kucken op all déi Hëllef justifiéiert waren an och de Regeln vun der Europäescher Unioun entsprach hunn.

Derbäi goufen och nach Liquiditéits Hëllef erlaabt fir Engpäss an der Trésorerie vun enger Rei Akteuren am Finanzsecteur ze iwwerwannen, déi ee Montant vu méi wéi 3.660 Milliarden Euro duerstellen.

Och wann déi Suen glécklecherweis net all hu missen ausbezuelst ginn a schon ee gudden Deel op haut zrëckbezuelst ginn ass, stellt et ee gewaltege Montant duer.

Et war eng eemoleg Aktioun, wou an deene betraffene Länner, all Bierger als Steierzueler dru bedeelegt war, fir esou dee Secteur erëm staark ze maachen, well deen jo esou eng wiesentlech Roll am Déngscht vun eiser Economie anhëllt a schliislech am Déngscht vun alle Bierger.

An de Kreiser vun der Microfinanz gëtt dës Aktioun vun den Europäeschen a vun de nationalen Autoritéiten als absolut berechtigt an noutwenneg unerkannt. Schliisslech goung et drëms ze verhënneren datt de gesamte Finanzsecteur a gläichzäiteg déi ganz Economie a geféierlech Turbulenze gerode wieren.

Nieft dësem ganz positive Resultat gëtt et awer eng Rei rezent Entwécklungen am Finanzsecteur déi a Kreiser vun der Microfinanz mat Suergen observéiert ginn. Et fällt op datt trotz deene massiven öffentlechen Hëllef, de Finanzsecteur ëmmer méi deier fir den einfache Client gëtt. Derbäi kënnt dann och datt et ëmmer méi komplizéiert gëtt fir esouguer einfach Operatiounen selwer duerchzeféieren. Aus deenen zwou Uersaachen fillen méi a méi Leit sech marginaliséiert, a wann net souguer aus dem Finanzsecteur ausgeschloss.

Elo ass et net verwonnerlech datt d'Meenung opkënnt de Finanzsecteur géif virun allem derzou bäidroen datt déi grouss Verméigen nach méi grouss ginn, mä datt näischt fir déi einfache Clientë gemaach gëtt. Doduerch géif dann den Ecart tëschen Räich an Arm ëmmer weider wuessen. Et ass schued datt esou eng Meenung opkënnt, mä leider ass et schwéier fir d'Roll déi de Finanzsecteur fir den einfache Client spillt, verständlech ze erklären.

D'Akteure vun der Microfinanz leeën duerfir grouss Hoffnungen an den Opbau vun enger nohalteger Finanz. Si begréissen an ënnerstëtzen hei ganz besonnesch de rezenten Aktiounsplang vun der Europäescher Kommissioun fir eng méi gréng a méi propper Wirtschaft opzebauen. Esou eng nohalteger Finanz verdéngt jo nëmme hieren Numm wa se dozou déngt eng nohalteger Economie ze finanzéieren a keng spekulativ Finanzoperatiounen, déi keng direkt Relatioun zur reeller Economie hunn.

Dat gëtt schon eng grouss Ëmstellung déi vun alle Parteien vill Ustrengungen verlaangt. Och ka se nëmme laangfristeg erreecht ginn. Déi nohalteg Finanz ass awer ee richtege Wee wann et drëms geet de Finanzsecteur dem einfache Client nees méi no ze bréngen an dëse bewosst mat anzebauen.

Version française

Au cours des dix dernières années, l'Union européenne a autorisé en urgence des aides en capital d'un montant total de près de 1 460 milliards d'euros pour le secteur financier. Dans ce contexte, la Commission a lancé récemment un audit afin de vérifier si toutes ces aides étaient justifiées et conformes aux règles de l'Union européenne.

Des aides de trésorerie ont de surcroît été autorisées afin de remédier aux difficultés de trésorerie d'une série d'acteurs du secteur financier pour un montant de plus de 3 660 milliards d'euros.

Même si fort heureusement, il n'a pas été nécessaire de déboursier cet argent dans son intégralité et qu'une partie a déjà été restituée, il n'en demeure pas moins qu'il s'agit là d'un montant très important.

C'était une action unique de par son ampleur, qui a impliqué dans les pays concernés l'ensemble des citoyens en leur qualité de contribuables. L'objectif était de renforcer à nouveau le secteur, car celui-ci joue un rôle essentiel pour notre économie et, partant, pour tous les citoyens.

Le secteur de la microfinance considère cette action des autorités européennes et nationales comme absolument justifiée et nécessaire. Après tout, il s'agissait d'éviter que l'ensemble du secteur financier et toute l'économie se retrouvent dans une grave tourmente.

Mis à part ce résultat très positif, le secteur de la microfinance observe avec inquiétude ces dernières années une série de développements préoccupants dans le secteur financier. Force est de constater qu'en dépit des aides publiques massives, le secteur financier devient de plus en plus cher pour les clients ordinaires. S'ajoute à cela le fait qu'il devient de plus en plus compliqué d'exécuter soi-même des opérations simples. C'est pourquoi un nombre croissant de personnes se sentent marginalisées, voire même exclues du secteur financier.

Sans surprise, cette situation fait naître le sentiment que le secteur financier contribue avant tout à accroître encore davantage les grandes fortunes, mais que rien n'est fait pour les clients ordinaires. La conséquence en serait un fossé entre les riches et les pauvres qui ne cesse de se creuser. Il est déplorable que de tels sentiments se répandent, mais il est malheureusement très difficile d'expliquer de façon claire, simple et convaincante le rôle que le secteur financier joue pour les clients ordinaires et qui justifierait de telles commissions à charge des clients.

C'est pourquoi les acteurs de la microfinance misent tout sur le développement de la finance durable. Dans ce contexte, ils saluent et soutiennent résolument le récent plan d'action de la Commission européenne pour le développement d'une finance durable par la promotion d'une économie plus verte et plus propre. Une telle finance durable ne mérite son nom que si elle contribue à financer une économie durable et non pas des opérations financières spéculatives n'ayant pas de relation directe avec l'économie réelle.

Il en découlera un bouleversement des habitudes et surtout du fonctionnement de tout le système qui requiert beaucoup d'efforts de la part des différentes parties prenantes mais qui doit aussi être vu

comme un développement à long terme. La finance durable est toutefois une réponse adéquate lorsqu'il s'agit de rapprocher le secteur financier des clients ordinaires et d'inclure à nouveau ces derniers dans le processus financier.